Lëtzebuerger Verein fir Gediechtnistraining

# Propose fir eng

# Comitéë-Decisioun

---

## Critèren “Aktiv Memberen”

Eise Statuten no kann de Comité aktiv Memberen (“aktive Mitglieder”) ernennen. Aus dësem Grond huet de Comité d’ Critèren definéiert, déi de Comité applizéiere kann, fir Memberen als “aktive Mitglieder” ze betruechten. Dës Critère kënnen sinn:

1. Nei lizenzéiert Gediechtnistrainer*innen, déi d’ Formatioun (GK, AK1 & 2)[1] erfollegräich ofgeschloss hunn.

2. Besteeënd Veräinsmemberen, déi op d'mannst eng komplett Formatioun (GK, AK1 an AK2) als Gediechtnistrainer*in ofgeschloss hunn.

3. Besteeënd Veräinsmemberen mat Zertifikat-Verlängerungen.

~~4.~~ Besteeënd Memberen ouni Zertifikat-Verlängerung / Erneierung, déi aktiv un Veräinsaufgaben deelhuelen, wéi zum Beispill mat op Foire Senior ginn wou mir ausstellen oder Foire Senior kucke ginn an duerno de Member e Bericht maachen wéi et war, Virträg lauschtere ginn an doriwwer berichten mëndlech an/oder schrëftlech oder soss u Veräinsaktivitéiten deelhuelen.

5. Besteeënd Comitésmemberen, déi am Comité aktiv matschaffen, fir eng permanent Aufgab delegéiert goufen an/oder de Comité bei hiren Aufgaben anerwäerts ënnerstëtzen.

An alle Fäll ass d’ Bezuelen vun der Veräins-Cotisatioun bis spéitstens am 1. Trimester vun all Joer eng Konditioun.

Wann de Comité dës Propositioun unhëlt, gëtt dës Comitéës-Decisioun matt Nummer 03-2023 dokumentéiert an um Site eropgelueden.

16. Oktober 2023 EB/HB

Gez. *Elisabeth Bastian*

Präsidentin

---

[1] Explikatioun: GK = Grundkurs; AK = Aufbaukurs